

Lëtzebuerg, den 16. Dezember 2020

Här Fernand ETGEN  
Chamberspresident  
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieten ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechte weiderzeleeden:

*« Et ass mer zu Ouere komm, dass viru kuerzem op der N5 tëscht Dippech a Bartreng Ausmoosaarbechte gemaach gi sinn, fir eng nei Vëlospist op där Plaz ze realiséieren.*

*An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechte folgend Froe stellen:*


- Kann den Här Minister dës Informatiounen confirméieren ?*
- Wa jo, kann den Här Minister Detailler nennen iwwer dës Projet ? Wéi wäert den Tracé genee verlafen ?*
- Wäert d'Vëlospist kloer getrennt vun der Strooss verlafen ?*
- Wäert déi nei Vëlospist an déi bestoend Fuebunn vun der N5 integréiert ginn oder gëtt nieft der aktueller Fuebunn eng separat Vëlospist gebaut ?*
- Wéini sollen d'Aarbechten ufänken a wéi laang sollen se daueren ?*
- Wier déi nei Vëlospist komplementar zur PC35, déi vun Dippech-Gare duerch de Bësch op Bartreng geet oder gëtt dësen Tracé opginn en Faveur vum Tracé iwwer d'N5 ? »*

9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in blue ink, appearing to be 'Max Hahn', written over a horizontal line.

Max HAHN  
Deputéierten